Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler – Struthof
(Association sans but lucratif)
AMICALE NATZWEILER - STRUTHOF

Fondation : le 30 janvier 1966 à Osweiler, premier président : Robert KRIEPS.
Siège social: L-1467 Luxembourg-Howald, 14, rue Henri-Entringer.
R.C.S. Luxembourg F 2442
Compte bancaire: LU98 0090 0000 1236 6514 CCRA (Banque Raiffeisen)
President: Pierre HUSS, 31, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Tél. 837464
Sekretariat: Lex HUSS, 8, Huelewee, L-7651 Heffingen, Tél. 621790101
Homepage: www.amicale-natzw.lu
E-Mail: info@amicale-natzw.lu

Hiefenech, den 15. Abrëll 2018

Léif Memberen,

Den 19. Mee 1944, **viru 74 Joer**, sinn an der **Kiselkaul** am KZ Natzweiler 11 KZ-Kollegen erschoss ginn. Hir Nimm sinn eis haut nach ëmmer an Erënnerung:

Déi 7 Lëtzebuerger:		gebuer:	Matricule
François GOLDSCHMIT	Déifferdeng	10.07.1911 zu Biereng	14736
Marcel JUNG	Déifferdeng	16.01.1911 zu Déifferdeng	14737
Ernot LORANG	Bieles	14.01.1922 zu Bieles	14738
Edouard MORBÉ	Rëmeleng	06.04.1910 zu Ëtteng	14739
Georges THOLL	Esch-Uelzecht	22.05.1913 zu Diddeleng	14741
Albert UNGEHEUER	Déifferdeng	30.05.1915 zu Mertert	14742
Charles WIESEN	Rëmeleng	05.10.1916 zu Rëmeleng	14744
Déi 3 Fransousen:			
Jean CROS	Les Ancizes-Comps (F)	21.09.1899 zu St.Amant-Roche-Savine	14745
Joseph (Mich) GASPARD	Russange (F)	30.06.1914 zu Russange	14734
Marcel MEYER	Clermont-Ferrand (F)	20.11.1905 zu Berg-Moselle	14735

An een **apatride** Nazigéigner, deen zu Lëtzebuerg vun de Preisen agespaart gi wor, de

Georg (Karl) STEINER	Osterdorf (D)	21.11.1903 zu Osterdorf	14740

Déi zwëschen dem 03.,13., 16. a 29. Mäerz 1944 zu Les Ancizes, zu Clermont-Ferrand, Lonkéch an den 8. Abrëll zu Lëtzebuerg vun der Gestapo verhaft gi sinn.

Fir un déi 11 Naziaffer ze erënneren organiséiert eis Amicale, zesumme mat de Gemengen DÉIFFERDENG, SUESSEM a REMELENG, Samsdëg den 19. Mee 2018 eng Erënnerongsfeier um Kierfecht zu Déifferdeng, wou d'Äsche vun de 7 Lëtzebuerger Resistenzler an d'Naziaffer hir lescht Rou fonnt hunn.

De Programm:

11:00 Auer Rendezvous zu Déifferdeng beim Kierfecht.

11:15 Auer Offiziell Zeremonië mat Nidderleeë vu Blummen beim Monument vun den Affer vum 19 Mee 1944.
Duerno Receptioun am Centre Culturel “Aalt Stadhaus”

12:45 Auer Mëttegiessen „ De Klenge Casino“ zu Déifferdeng
12, Place du Marché

MENU: 35€ (ouni Gedrénks)

Minestrone

1) Papillote de filet de bar oder ***2) Mignon de veau***

Parfait glacé Amaretto

Menu an Gedrénks ginn op der Plaz bezuelt.

Mir bieden Iech alleguer ganz häerzlech bei dëser Commémoratiounsfeier a méiglechst grousser Zuel derbäi ze sinn. Duerch dës Feier soll d’Undenken un déi, déi den 19 Mee 1944 erschoss goufen, waakreg gehale ginn, hiert Affer a si selwer solle mer ni vergiessen.

Mat ärer Präsenz setze mir een Zeeche vun zesummen halen.

Umellen w.e.g. bis den 6. Mee bei dem President Pierre Huss, husspitt@pt.lu oder Tel.: 621 120 106. Gidd w.e.g. un wéivill Leit mat op Mëttegiessen ginn an wéi een Haaptplat Dir bäim Mëttegiessen huelt..

N.B. Dëst Joer fueren mir 2 Deeg, den 9.an 10. September, op Natzweiler. Den éischten Dag se mir wei gewinnt zu Natzweiler an den 2. Dag ginn mir op Invitatioun vum Här Charles Goerens d’Europaparlament zu Stroossbuerg besichen. Detailer méi spéit.

Mat eise beschte Gréiss,
Fir den Comité,
Lex HUSS
Sekretär